

Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ [college.echevinal@sandweiler.lu](mailto:college.echevinal@sandweiler.lu)

CSV Sandweiler

Här Romain Dumong

Här Jean Lemmer

Sandweiler, den 21. Juli 2025

**Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 26. Juni 2025**

**Eis/Ref. : CSV - 2025.06.26 - CE**

**Är/Ref. : Courier vum 20. Juni 2025**

Här Dumong,

Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 26. Juni 2025 hat.

**Fro 1:**

*"Laut der Informatioun vun der Madamm Buergermeeschtesch an der Gemengerotssëtzung vum 12. Dezember 2024 waren zu deem Zäitpunkt nach ronn 170 Aarbechtsdeeg virgesi fir de Projet vum Reamenagement vun der Itzegerstrooss fäerdeg ze stellen.*

- *Kennt Dir ons w.e.g. soe wei vill Aarbechtsdeeg aktuell nach geplangt si fir de Projet fäerdeg ze stellen?*
- *Wann et Retard'e gouf, wat waren d'Grënn dofir?"*

**Äntwert:**

De Schäfferot huet e "Bureau d'études" engagéiert fir eng objektiv Analys vun der Situatioun ze maachen.

**Fro 2:**

*"Hannert dem Skatepark gouf rezent eng Plattform gebaut. Laut dem leschte Relevé vun de Baugeneemegunge (Stand 20.06.2025) schéngt keng Autorisatioun ausgestallt ginn ze sinn.*

- *Kennt Dir ons soe wat den Zweck vun dësen Aarbechten ass?"*

**Äntwert:**

Eis Skater sinn un de Schäfferot ugetrueden fir e Schutz (Reen, Sonn, ...) ze kréien, dofir gëtt e Pavillon gebaut. Dir hutt jo eng Foto an der Gemengerotssëtzung gewise kritt.

**Fro 3:**

*"Mir hunn duerch e Flyer vun der Gemeng Kenntnis geholl vun der Aféierung vun engem "Rufbus" zu*

Sandweiler ugeet. Mir begreissen des Initiativ grondsätzlech. Well d'Informatiounen um Flyer begrenzt sinn an och um Internetsite vun der Gemeng sech (Stand 20.6.25) näischt dozou ze fannen ass, erlabe mir ons e puer Froen zum Thema: Kennt Dir ons soe wat den Zweck vun dësen Aarbechten ass?

- Ass geplangt dass de "Rufbus" och ausserhalb de genannten Zäite ka bei spezifischen Evenementer genotzt ginn, z. B. fir op (resp. dono Heem) d'Soirée de jeux de société organiséiert vun der Gemeng an der Commission du Vivre ensemble interculturel?
- Aus wéinegem Grond kann d'Spidol um Kirchbiereg ugefuer ginn, net awer Zithaklinik an de CHL?
- Ass dat Gefier ausgerüst fir Persounen am Rollstull ze befërderen sou wéi de Flyer dat undéit?

Virun enger Rëtsch Méint huet de Schäfferot ons informéiert dëse Projet wëllen auszeschaffen an dann d'Bierger a Form vun de Kommissiounen wëllen anzebezéien an des em hiren Avis ze froen.

- Wéi eng Kommissiounen goufen em en Avis gefrot?
- Kennt Dir ons dës Avis'en zoukomme loossen?"

#### Äntwert:

De Schäfferot ass der Meenung, dass de Flyer iwwer de "Rufbus" ganz explizit ass.

Dir fannt op dësem Flyer d'Äntwerten op Är gestallte Froen.

Op Är Fro, ob d'Kommissiounen hiren Avis gefrot gi sinn, äntwert de Schäfferot lech, datt dat eng politesch Entscheedung ass, déi Dir an eise Koalitiounsofkommes erëmfannt.

De Schäfferot kënnt spéider op hir berodend Kommissiounen zeréck wann de Moment do ass fir eng Analys iwwer de "Rufbus" ze maachen.

#### **Fro 4:**

"Laut der Informatioun vun der Mme Buergermeeschter an der Sëtzung vum 27.05.2025 sollt an der follgender Sëtzung, de contrat de Bail fir d'Haus 9, rue de Trèves um Findel gestëmmt ginn. Op Urode vum Office Social ass do eng Famill en urgence agezunn. Um Ordre du jour initial steet dee Punkt net drop.

- Wou huet déi Famill virdru gewunnt?
- Wéini kennt de Bail an de Gemengerot? Ass e scho vum Schäfferot ënnerschriwwen?"


#### Äntwert:

De Schäfferot kann lech leider keng weider Detailer iwwer dës Famill ginn.

An der Gemengerotssëtzung huet de Schäfferot lech d'Informatiounen ginn déi se hat : "De Moment wunnt eng Famill déi en Urgence huet misse plazéiert ginn a mir schaffen an enker Zesummenaarbecht mat dem Assistant social Claude Keiser".

De Schäfferot presentéiert lech de Bail soubal gekläert ass, wéi dat mat der Famill weidergeet.

De Schäfferot,



Claude Mousel,  
Schäffen



Jacqueline Breuer,  
Buergermeeschtesch



Corine Courtois,  
Schäffin